**N° 4294**
Reçue le 19.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.05.2021

CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 18. Mee 2021

Nouvelle version

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend esou wéi och un d'Madamm Gesondheetsministesch betreffend den Auswierkungen vun der sanitärer Kris op d'Kanner an déi Jugendlech weider ze leeden.

D'Gesondheetskris hätt staark Auswierkungen op d'psychesch Gesondheet vun de Kanner an Jugendlechen. Laut der Madamm Diane Dhur, Directrice vum Kompetenzzentrum vir sozio-emotional Entwécklung wier eng vun de Folgen, datt Kanner ëmmer manner gär an d'Schoul géinge goen op Grond vu Middegkeet wéi och schouleschen Schwieregkeeten. D'Feelen an der Schoul hätt an deem Kontext och zougeholl.

Mengen Informatiounen no wier och den aktuellen taux d'occupation am Hôpital Kirchberg vun jonke Patienten, déi un Angschtzoustänn an Depressiounen leiden erop gaangen. D'Auslaaschtung an der Dagesklinik wier em 150 Prozent bei de Patienten tëschent 13 an 18 Joer eropgaangen ewéi och d'Zuel vun den occupéierten Platzen am Hôpital Kirchberg vun 12 op 17.

Et hätt een beim Kompetenzzentrum och eng Hausse vun den Therapieufroen festgestallt.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung bestätegen datt déi sanitär Kris e groussen Afloss op d'psychesch Gesondheet vun de Kanner a Jugendlechen huet, datt et notamment säit dem Ufank der Pandemie bei dësen Persounen méi Fäll vun Depressiounen an Angschtzoustänn ginn ? Wann jo, em wéi vill Prozent sinn d'Depressiounen an d'Angschzoustänn bei Kanner an Jugendlecher eropgaangen säit der Pandemie ?
- Ass et richteg datt d'Auslaaschtungen an den Dagesklinicken zu Lëtzebuerg bei de Patienten tëschent 13 an 18 Joer erop gaangen sinn ?
- Konnt d'Regierung feststellen datt d'Kanner an d'Jugendlech méi oft feelen an der Schoul an datt d'schoulesch Leeschtungen gelidden hun/leiden par Rapport zur Pré-Covidzäit ?
- Wéi eng Altersklass ass am meeschten betraff vun den Konsequenzen vun der sanitärer Kris ?
- Wéi eng Léisungen/Konzepter huet d'Regierung? (dem Alter entspriechend)

- Plangt d’Regierung Mesuren vir d’psychesch Gesondheet vun de Kanner a Jugendlechen op laang Siicht ze stäerken ? Wann jo wéi gesinn dës Mesuren aus ?
    - Wéi kréien d’Kanner, déi duerch Homeschooling méi Retarden hunn/ manner Hëllef kruten elo gehollef, dass se hier Chance behalen?

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro Nr. 4294 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Spautz**

**Ad 1)**

D'sanitär Kris huet een Impakt op d'mental Gesondheet vun der ganzer Gesellschaft a soumat och op d'Kanner an déi Jonk. Esou gouf et am Joer 2020 an Centre de consultation pour Jeunes et Familles (CCJF) aus dem Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires (CePAS) eng Hausse an de Prises en charge ronderëm d'Problematik vun den Ängschte vu Jugendlechen. Wann een iwwert d'Zäit kuckt, kann een awer och gesinn, dass de Pourcentage vun de Suivien opgrond vun dëser Problematik och scho virun der Pandemie an Luucht gaangen ass vu 14 % (2018) op 22 % (2020). Heibäi ass et wichteg, drun ze erënneren, dass dat ganzt lescht Joer (bis zum aktuellen Zäitpunkt), och, oder grad fir déi Jonk, mat ganz vill Onsécherheet verbonne war, an dëst a verschiddene Beräicher: Schoul, Gesondheet fir sech an d'Famill an d'Frënn, d'Aarbecht vun den Elteren, bis hin zu existenzielle Froen. D'Onsécherheet an déi doduerch entstanen, oder méi visibel Ängschte kënne kloer a Relatioun mat der Kris gesi ginn. D'sozial Kontakter tëschent deene Jonke sinn méi schwéier ze fleegen, an et ass méi schwéier aktiv ze sinn.

Laut Pedopsychiatere, leiden déi Jugendlech a Kanner psychesch ënner der Limitatioun vun den soziale Kontakter an de Kontakter ënnerteneen. Mir kënnen net soen, ob dës Jugendlecher scho psychesch Problemer virdrun haten. Et ass onméiglech, et a Prozenter auszedrécken, well et keng spezifesch Nomenclature bei der CNS dofir gëtt.

Eng YAC-Studie gouf tëscht dem Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an der Uni.lu mat der Collaboratioun vun der Gesondheetsdirektioun iwwert d'Wuelbefanne vu jonke Leit a Relatioun mam Covid-19 gemaach (https://www.jugend-in-luxemburg.lu/yac-plus/).

Dës Etude huet gewisen, datt jonk Leit sech hirer Verantwortung bewosst sinn, fir d'Propagatioun vum Virus ze ennerbannen. Si hunn deementspriechend déi néideg Informatiounen an doriwwer eraus och d'Méiglechkeet, sech a Funktioun vun esou enger Verantwortung ze behuelen.

**Ad 2)**

D'Auslaaschtung an der Dagesklinick vum Service National de Psychiatrie Juvénile (SNPJ) zu Esch-Uelzecht bei de Patienten tëschent 13 an 18 Joer ass an d'Luucht gaangen, an déi Dagesklinick huet momentan eng laang Waardelëscht. Den SNPJ huet eng +/- 100 % Beleeung vun de Better am stationäre Beräich (23 Better) an eng +/-150 % Occupatioun an der Dagesklinick zu Esch-Uelzecht (17 amplaz 12 Plazen).

**Ad 3)**

<u>Enseignement fondamental</u>

Wéi am Artikel 16 vun der *Loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire* festgehalen, mussen d'Elteren den Titulaire de classe direkt iwwert d'Feelen vun hirem Kand an d'Begrënnung heifir informéieren. Et ass net virgesinn, dass dës Donnéeën an enger zentraliséierter Datebank festgehale ginn an dowéinst léisst sech keng Statistik erstellen, unhand vun där sech d'Evolutioun vun den Absencë vun de Schüler mat Bezuch op de Motif d'absence géif empiresch analyséiere loossen.

Am Kader vun der aktueller Pandemie ginn a goufen et ënnerschiddlech Grënn, firwat Schüler vereenzelt net um Presenzunterrecht deel konnten huelen. D'Feele vun de Schüler kann an dësem Zesummenhang beispillsweis duerch eng Mise en quarantaine oder e Krankheetsfall ausgeléist ginn. Aus dësem Grond gouf a gëtt et sécherlech säit Ufank vun der Pandemie méi Schüler, déi an der Schoul feele respektiv gefeelt hunn, a wéi wäit dëst allerdéngs op eng ze staark psychesch Belaaschtung zeréckzeféieren ass, ass net ze identifizéieren. Et bleift ze bemierken, datt d'Kanner, wa si a Quarantaine waren, vun engem Enseignement à distance profitéiere konnten an deemno hirer Schoulpflicht vun doheem nokomm sinn.

Am Laf vun de leschte Méint hunn d'Infektiounszuele vum Covid-19 ëmmer erëm evoluéiert a ware mol méi, mol manner héich. Dës Evolutioun huet sech och an der Schoulpopulatioun erëmgespigelt, wat sech ënnert anerem doduerch bemierkbar mécht, dass och d'Unzuel vu feelende Schüler sécher fluktuéiert huet.

D'Covid-19-Gesondheetskris huet d'Schoulsystemer ronderëm d'Welt erausgefuerdert. Vill international Experten an Institutiounen haten an dësem Zesummenhang bedeitend Auswierkungen op de Fortschrëtt an de pedagogesche Wee vun de Schüler virausgesot. Lëtzebuerg huet an dësem Kontext, mat den Epreuves standardisées, e performanten Outil, deen et erméiglecht, d'Kompetenzentwécklung vun de Schüler ze suivéieren an op nationalem Niveau iwwert d'Joren ewech ze vergläichen.

Dës Epreuven hu fir d'lescht am November 2020 stattfonnt an en Total vu ronn 25 000 Schüler aus de Cyclen 2.1, 3.1 et 4.1 aus dem Enseignement fondamental esou ewéi aus de 7es- a 5es-Klasse vum Enseignement secondaire hunn heidrun deelgeholl.

D'Analys vum Luxembourg Centre for Educational Testing (LUCET) vun der Uni Lëtzebuerg weist an dësem Kontext kloer, datt d'Resultater vun de Schüler generell op allen Niveaue stabil bliwwe sinn. Nëmmen d'Leeschtung am mëndleche Verständnes vum Däitsche vu Schüler am Cycle 3 weist e wesentleche Réckgang. Fir dëser Entwécklung entgéintzesteieren, goufen d'Enseignanten ugewisen, besonnesch op d'Kompetenz vum mëndleche Verständnes vun hire Schüler opzepassen an d'Stäerkung vun dëser Kompetenz esou gutt wéi méiglech ze förderen. An dësem Kontext huet de Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques (SCRIPT) eng Lizenz vun www.onilo.de kaf, fir d'Enseignanten esou gutt ewéi méiglech ze ënnerstëtzen. Dësen Editeur proposéiert eng honnerten Exercicer fir dat mëndlech Verständnes vum Däitschen, mee och vum Franséischen ze entwéckelen.

Festzehale bleift, datt et wéineg bedeitend Ënnerscheeder bei der Kompetenzentwécklung vun de Schüler am Verglach mat de Jore virdrun gëtt, an dëst trotz eventuelle Quarantainen an obwuel zum Deel op en Enseignement à distance huet missen zeréckgegraff ginn, wéi e Cours en présentiel duerch déi aktuell sanitär Situatioun net méiglech war.

D'Stabilitéit vun de Resultater aus den Epreuves standardisées ass d'Resultat vun engem kollektiven Effort vun allen Acteuren am Lëtzebuerger Educatiounssystem a bestätegt, datt de gewielte Wee, fir de Presenzunterrecht ze favoriséieren a gläichzäiteg de beschtméigleche Kader fir den Enseignement à distance ze schafen, de richtege Wee war an ass.

Enseignement secondaire

An deene meeschte Lycéeë goufe keng gréisser Ënnerscheeder festgestallt, wat déi allgemeng Absencen ubelaangt. D'Covid-Infektiounen an d'Quarantainen hu wuel eng liicht Hausse vun den Absencë mat sech bruecht, woubäi een awer muss ervirsträichen, datt Schüler, déi a Quarantaine gesat goufen, zwar an der Klass gefeelt hunn, mee iwwer den Enseignement à distance d'Méiglechkeet

haten, weider un de Coursen deelzehuelen. An eenzelne Gebaier sinn d'Absencë méi staark an d'Luucht gaang; vereenzelt Schüler hu méi dacks an och méi laang gefeelt.

Bei den Absencen hunn d'Precautiounsmesuren an d'Angscht virun Infektiounen wuel och eng Roll gespillt: Schüler an Eltere waren dacks ganz virsiichteg am Fall vu Symptomer. Et gouf sech un d'Consignë vun der Regierung gehal, bei Unzeeche vun enger Infektioun doheemzebleiwen. Sou sinn eng Rei Schüler mat liichten Erkältungen, déi an engem "normale" Joer an d'Schoul komm wieren, doheembliwwen an hunn d'Coursen iwwer Homeschooling suivéiert.

Wat d'schoulesch Leeschtungen ubelaangt, ass et nach ze fréi, fir eng generell Ausso ze maachen. A ville Gebaier gi keng significativ Ënnerscheeder an de Leeschtunge festgestallt, dëst och bedéngt duerch d'Adaptatioun vum Enseignement, wéi zum Beispill d'Reduzéierung op déi wesentlech Contenuen, an d'Remise à niveau an de Schoulen. Verschidde Schüler hunn excellent Resultater, anerer méi schlechter. Et schéngt awer och eng Tendenz ze ginn, datt Schüler aus engem sozial defavoriséierte Milieu éischter riskéieren, am Homeschooling ze decrochéieren. Si kënnen net am gewinnte Rhythmus léieren an d'Matière net dselwecht assimiléieren, wéi an der Schoul, wou den Enseignant méi geziilt op hir Problemer agoe kann.

**Ad 4)**

Am Verglach mat de Schouljoren 2019/20 an 2020/21, gesäit ee bei de Prises en charges vum Centre de développement socio-émotionnel, dass, obwuel d'Schouljoer 2020/2021 nach net ofgeschloss ass, schonn 277 Kanner a Jugendlecher eng Interventioun am CDSE dëst Schouljoer kruten. Am ganze leschte Schouljoer 2019/2020 waren et der 137.

Wann een dann den Enseignement fondamental mam Enseignement secondaire vergläicht, gesäit een, dass eng Verschibung stattfonnt huet. Dëst Schouljoer krut den CDSE méi wéi duebel sou vill Ufroe vu Jugendlechen ewéi dat Schouljoer virdrun, vun 33 Schüler erop op 75 Schüler. Et kann een deemno kloer an deenen Zuele feststellen, dass am Schouljoer 2020/2021 vill méi Jugendlecher vum CDSE eng Hëllefstellung kruten, wéi dat Joer virdrun. Wat d'Gravitéit vun de Fäll ugeet, ass och eng däitlech Steigerung bei de Jonke festzestellen.

**Ad 5)**

- Am Kader vun der Suicidepreventioun goufen d'Éischthëllefcoursë fir d'mental Gesondheet op de Kanner-Jugendberäich erweidert. Donieft ass d'Equipe mobile psychiatrique juvénile CHNP-Unisec verstäerkt ginn. Des Weidere sinn d'Beräicher vun der kanner-jugendpsychiatrescher Diagnos an d'Prise en charge an de Kompetenzzentren an dem Centre de Rééducation précoce renforcéiert ginn.

- Den zoukënftegen Aktiounsplang „Santé mentale" wäert och de Kanner- a Jugendberäich ofdecken.

- Eng Reunioun mat de Vertrieder aus dem Secteur vun de Kanner- a Jugendpsychiatrie ass virgesinn, fir ze kucken, wéi een d'Preventioun an d'Prise en charge kohärent am Kader vum Spidolssystem, mee och am Extra-hospitalier kéint erweideren a besser vernetzen.

- Engagéiert am Kader vum Europäesche Pakt fir d'Wuelbefannen an d'mental Gesondheet, axéiert de MENJE sech op d'« Whole school approach ». Dëst englobéiert déi gemeinsam Verantwortung vun der Communauté scolaire zesumme mat de Schüler an den Elteren. Fir op d'Wuelbefanne vum Jonken an der Schoul anzegoen, muss een d'Ressourcë vun deene Jonken stäerken, souwéi

och d'Ressourcen aus sengem sozialen a familiären Ëmfeld. All Lycée huet eng multidisziplinär Ekipp mat Psychologen, Sozialaarbechter an Erzéier an de SePAS (services psycho-sociaux et d'accompagnement scolaires) an den SSE (services socio-éducatifs), déi zesumme mat den Enseignanten am Intérêt vum Jonke collaboréieren, an deem Jonken Ënnerstëtzung a Begleedung ubidden. Zanter 2018 gëtt et e gemeinsame Referenzkader fir d'psychosozial an d'edukativ Begleedung vun de Schüler an de periscolairen Aktivitéiten, deen de pedagogesche Kader fir dës Ekippe setzt.

- De Centre de ressources vum CePAS, deen dës Servicer an de Lycéeën an hirer Praxis ënnerstëtzt, schafft mat hinnen zesummen a begleet d'Praxisentwécklung mam Fokus op 5 Axen, déi relevant fir d'Wuelbefanne vum Jonken sinn. Heibäi handelt et sech ëm d'Thematik vun der Suchtpreventioun, de soziale Medien, der sexueller an affektiver Gesondheet, der Gewaltpreventioun an der mentaler Gesondheet. D'Ëmsetzung vu dëser Strategie *Bien-être* gëtt mat engem Joresweiderbildungsprogramm ënnerstëtzt. Beispiller vun esou Formatiounsinhalter sinn : Suicidepreventioun, Mobbing a Cybermobbing esou wei och "Éischt Hëllef an der mentaler Gesondheet".

- D'Zesummenaarbecht an d'Vernetzung tëschent de Prestatairë vum Office national de l'Enfance, der Jugendpsychiatrie an der Schoul gett weider entwéckelt a strukturéiert, esou datt dem Jugendleche schnellstméiglech déi entspriechend Hëllefstellung kann ugebuede ginn. An deem Kontext gëtt d'Weiderorientéierung vu Schüler an Nout vun de SePASen un extern Servicer optimiséiert a formaliséiert.

- D'Jugendhaiser an d'Jugendservicer si wärend der Pandemie eng wichteg Ulafstell fir déi Jonk tëscht 12 a 26 Joer. Si bidden deene Jonken eng Stäip a sti fir hir Froen a Problemer zur Verfügung. Des Weidere kënnen esou an enger fréier Phas eventuell Problematiken detektéiert a fréizäiteg Hëllef ugebuede ginn.

- De MENJE huet an Zesummenaarbecht mat Schüler- a Jugendvertrieder wärend der Pandemie eng Campagne #act4support an d'Liewe geruff, fir déi Jonk op d'Wichtegkeet vun hirer mentaler Gesondheet opmierksam ze maachen an hinnen déi néideg Ulafstellen ze nennen, déi si kënnen ënnerstëtzen. Folgend konkreet Aktioune sinn am Kontext vun dëser Campagne ëmgesat ginn:
    - D'Helpline 8002 9393, fir Jonker an Elteren an Nout, ass an Zesummenaarbecht mam ONE a CePAS en place gesat ginn.
    - E Guide fir Enseignantë vum Enseignement secondaire ass ausgeschafft ginn, fir op déi beobachtend Haltung opmierksam ze machen an déi Jonk an Nout bei Bedarf weiderzeleeden.
    - E Guide fir d'Eltere mat spezialiséierte Berodungsstellen ass ausgeschafft ginn.
    - Eng *Inspiration Box* mat *Best Practises* fir dat psycho-sozio-edukatiivt Personal an de Schoulen an an der non-formaler Bildung ass ausgeschafft ginn, fir op innovativ Projeten opmierksam ze maachen, déi wärend der Pandemie entstane sinn an déi d'Zil haten, trotz de kontextuelle Schwieregkeete mat de Jonken a Kontakt ze bleiwen.
    - D'Method vun den *Espaces de parole régulés* as breet an der Formation continue vun den Enseignanten an dem psycho-sozio-edukative Personal ugebuede gi mam Zil, fir d'Gespréich an d'Gestioun vun de Gefiller an der Klass ze promouvéieren.
    - Positiv Aktioune vu Jonke fir Jonker sinn iwwer eng Instagram-Campagne an d'Attributioun vun engem *Well Done Award* promouvéiert ginn.
    - Eng Boomerangkaart, déi zesumme mat Schüler- a Jugendvertrieder entwéckelt gouf, ass mat 75.000 Exemplairen an alle Bildungsstrukturen an ëffentleche Gebaier verdeelt ginn

an huet zum Zil, iwwer déi verschidden Hëllefsstrukturen ze informéieren an déi Jonk ze motivéieren, net eleng ze bleiwen a sech Hëllef sichen ze goen.

- Am selwechte Kontext ass e Youtube-Video mat Jonken entstanen, axéiert op d'Wichtegkeet, fir sech Hëllef sichen ze goen: *You are stronger than you think.*

**Ad 6)**

D'Ziler am Beräich vun der mentaler Gesondheet, déi och scho virun der Pandémie verfollegt goufen, ginn am Kontext vun der Pandemie ausgedeent a weiderentwéckelt. Et handelt sech dobäi ëm den Ausbau an d'Spezialiséierung vu Ressourcen a Servicer, déi Hëllef ubidden am Kontext vun der Aide à l'enfance et à la famille duerch d'Prestatioune vum Office national de l'Enfance, d'Vernetzung tëschent de Servicer ausserhalb vun der Schoul an de Servicer innerhalb vun der Schoul, eng verbessert Accessiblitéit vun de SePAS an den SSE an de Lycéeen, eng Enttabouiséierung a Sensibiliséierung iwwer déi mental Gesondheet an de formalen an non-formale Bildungsstrukturen a systemateschen edukative Preventiounsprogrammer am Kontext vum Wuelbefannen an de Schoulen.

Fir ënnert anerem d'Kanner mat spezifeschem Fërderbedarf beim Opschaffe vun eventuelle Lacunnen ze ënnerstëtzen, gesäit d'Tâche vum brevetéierten Enseignant, deen am Enseignement fondamental intervenéiert, 54 Stonnen Appui pédagogique pro Schouljoer vir, déi nieft der Tâche d'enseignement zousätzlech am Déngscht vum Kand geleescht ginn. D'Relevanz vun dësem Appui pédagogique, dee fir Ënnerstëtzungs- an Differenzéierungsmoossnamen agesat gëtt, gouf ënnert anerem an der *Circulaire ministerielle aux administrations communales concernant l'organisation de l'enseignement fondamental pour la rentrée 2021/2022* op en Neits ënnerstrach : *"Un enfant qui a besoin d'un soutien spécifique dans une matière particulière ou qui présente un retard dans le développement de certaines compétences doit pouvoir compter sur le soutien de l'équipe pédagogique ; des mesures spécifiques doivent être organisées dans le cadre de l'appui pédagogique et être prévues, le cas échéant, dans le plan de développement de l'établissement scolaire. Il n'est ni du devoir des parents, ni du devoir de l'équipe socio-éducative de la structure d'éducation et d'accueil de prendre des mesures de remédiation, celles-ci relèvent du domaine de l'école."*

Zanter Februar 2021 goufen déi pedagogesch Equippen an de Lëtzbuerger Grondschoulen duerch 428 Agente verstäerkt, déi ënnert der Leedung vum Titulaire de classe Differenzéierungsmesuren an de Klassen ëmsetzen. Esou gëtt eng nach méi cibléiert Prise en charge vu Schüler assuréiert, bei deene bedéngt duerch d'Suspensioun vun de Presenzcoursën an de Grondschoule respektiv eventuelle Quarantainen ee Renforcement vum Developpement vun hire Kompetenzen néideg ass.

Zousätzlech ass d'Summerschool eng Initiativ, déi d'Schüler dobäi ënnerstëtzt, eventuell Lacunnen opzeschaffen. Dës Initiativ, déi am Summer 2020 eng éischte Kéier ëmgesat gouf, hat ee grousse Succès a wäert och an Zukunft an der Summervakanz ugebuede ginn.

Am Enseignement secondaire wäerten d'Coursën vun der Summerschool dëst Joer an alle Lycéeë stattfannen. Grad wéi d'lescht Joer sinn déi Schüler viséiert, déi en Travail de vacances oder en Travail de révision fir d'Rentrée mussen ofginn, awer och all déi aner, déi eventuell Retarden hunn, an deenen e Cours de remise à niveau ugebuede gëtt. D'Conseils de classe proposéieren de betraffene Schüler dës Mesuren. Déi sougenannten *remise à niveau* gëtt mat Hëllef vun Dossiere realiséiert, déi vum SCRIPT zesummegestallt goufen.